Televie – Wei as et mat der Transparenz?

Elo as et jo nees esou weit...d Werbetrommel get nees kräfteg fir den Televie gedrummt.

Den Televie, esou wie en hei zu Letzebuerg organiseiert as, gefällt mir net, well ech färten, dass ganz Letzebuerg mat dem Virwand, eppes Guddes fir d Kanner ze din, vielleicht op d Aa gedreckt get.

Et mangelt nämlech un Transparenz:

Wann een op http://www.televie.lu geht, da get een emgeleet op en Site vun RTL wou een enner anerem des Opfuederung fennt:

Gitt der Hoffnung eng Chance

Maacht mat beim Télévie!

Wann Dir wëllt en Don maachen, dann iwwerweist Äre gewënschte Betrag ob den:

CCPL LU88 1111 1970 0090 0000
vun der Fondatioun KIWANIS
Stéchwuert "Don Télévie 2009"

Wei der kennt gesinn, huet den "Televie" hei zu Letzebuerg emmer nach keng eegen Rechtsform a get iwwer dei KIWANIS Fondatioun organiseiert.

Kiwanis as e Service Club den, sein Haaptsetz an Amerika huet. Wat mecht des Fondatioun genee hei zu Letzbuerg, wat geschitt mat denen Suen, dei op hirem Kont landen?

Nodem Malaise an der asbl "Een Häerz fir kriibskrank Kanner" (esou steht et mol an der Press) wier et wirklech net vun Dommheet, och emol en Audit vun der Fondatioun KIWANIS ze gesinn; et geng op manst mol "berouhegen" an dei Actioun an e mei kloert Liicht setzten.

Meng Froen un den Televie:

Den Televie as hei am Land aus sengen Kannerschung eraus, et sin vill Suen am Spill, firwat get sech den Televie Letzebuerg net eegen Statuten mat enger Structure/ Organsiation, mat Prasident, Comite a virun allem, engem Caissier?

Wat es de Rol vun Kiwanis an dem Ganzen? Kritt Kiwanis Suen dofir, fir seng “Infrastruktur“ zur Verfügung ze stellen?

Firwat brauch den Televie eis belsch Noperen (Fond National de la recherche scientifique, Belgique) fir des Suen ze verdeelen?
Hun mir keng Meichlegkeeten “eis gesammelt Suen“ an eisem Land selwer ze verdeelen?
Wievill Prozent vun denen gesammelten Suen bleiwen hei am Land?

Keinte mer w.e.g. mol en datailleierten Bilan kreien iwwert Finanzsituatioun vum Televie Letzebuerg?

Gin die privat Laboen ennert d Lupp geholl? Wem geheieren se? Wie as dat wenn e Privatlabo seng Resultater gudd un d Pharmaindustrie kann verkaafen?

Mat engem groussen Partner wei RTL as et hei am Land einfach, Suen ze sammelen.D Leit lossen sech gären dorob an, an de Risiko as grouss, dass aner mei kleng ONGen, op der Streck bleiwen an finanziell schlecht ewegkommen.

Well en Euro kann Een nemmen eemol ausgin, an d Leit soen sech: “Tja, deed mer elo awer Leed, mee mir hun ja schon fir den Televie gespendt!“

Den Televie sammelt Suen fir d Recherche geint de Kriebs, besonnersch geint d Leukämie bei de Kanner.

Kriebs a Leukämie sin awer elo keng speziell Kannerkrankheeten.

Kanner gin an d Spill bruecht, fir d Spenden an d Luut ze dreiwen. Ech fannen dat net gudd, an soguer schon onmoralesch, well den Leit op der Stross eppes virgegaukelt get, wat am Fong net as.

Firwat weigert sech des “Organsiatioun“ mol hier Finanzen op den Desch ze leen? Wat geschitt mat den sellegen gudd gefelltenen Sammelbechsen no enger Actioun? Huelt een dei Suen mat heem?

Transparenz an der ganzer Geschicht hei zu Letzebuerg as quasi NULL.

Mat den Televie Suen gin Laboen fir d Fuerschung ennerstetzt, Laboen dei meechtens och nach vlaicht Memberen vun desem Service Club Kiwanis geheieren. Do keint een jo mol op de Gedanke kommen, dass die Suen “ennereneen“ verdeelt gin.

Fuerschung, egal op fir Pharma, Auto, Emwelt soll hautzedags vun der Industrie selwer gedroen gin, et geet jo och keen Suen sammelen fir Volkswagen/Mercedes/Audi asw., fir dass dei Firmaen an emweltfrendlech Autoen an Techniken investeieren an fuerschen.

Ech hun guer keen Problem, wenn Suen gesammelt gin, fir Familien ze hellefen wou Kanner Kriebs hun a wou denen finanziell gehollef get, well een z.B. sech muss dachs Conge huelen oder sech an d Ausland deplaceieren.

Mee Televie as nemmen fir d Fuerschung, an dofir sollt d Pharmaindustrie menger Meenung no, selwer obkommen!

Elo gin mer dei nechst Wochen, de ganzen Dag iwwer, mat dem Televie “Geduddels“ am Radio a Fernsehen regelrecht genervt.
An elo kommen och geschwenn nees die rührend “Kannergeschichten“, die d Madame Cecile op der Tele wärd zielen, an mat Biller ennermolen; Senn an Zweck vun esou Aktiounen as jo bekannt, dass d Hand nees mei liicht un de Portemonnaie geet.

D Leit hei am Land sin mettlerweil schon richteg leichtgläubig mat deser Organisatioun; ech sin iwwerzeegt, wenn ech mech muer an d Grouss Gass mat enger Sammelbechs stellen, wou ech ech selwer einfach en Härz an "Televie" drop päschen, mir d Leit Suen, ouni weider ze froen, gengen rageheien.

An Zaiten vun Spendenskandaler froen ech mech, firwat geet do keen vun eisen Politikern dohannert, an fuerdert mol en Audit vun deser Fondatioun an der ganzer Televie Letzebuerg Organisatioun?

Den Televie as eng “helleg Kouh“ die massiv vun RTL, Presse, Politiker a Prominenten ennerstetzt get, do sin kritesch Froen net onbedengt erwenscht!

Dofir geng et mech och net wonneren, wenn desen Leiserbreif net veröffentlecht get.

Och wann den Televie eppes as, wat ech aus Iwwerzeegung (weinst der Fuerschung) an weinst der kategoreschen Verweigerung vun TRANSPARENZ nemmen ofleenen kann, so hun ech awer immensen Respekt virun denen Benvolen, dei sech dofir engageieren, mee ech hun alt esou meng Bedenken.

An dobei wier et dach esou einfach, do eppes mei Liicht an d Spill ze brengen…